**Much ado about nothing – Communiqué vun enger Partie Schüler aus der Namasté Theatertrupp vum LHCE**

Géint d'Theatergrupp Namasté vum LHCE leeft säit 3 Méint eng Enquête wéinst dem Verdacht op sexuell motivéiert Feelverhalen. Als engagéiert Membere vun dëser Grupp wëlle mir eis zu dëser Situatioun äusseren. Mir gesinn et als wichteg un, d'Ëffentlechkeet opzeklären an eist Versteesdemech vun der Ongerechtegkeet, déi mir erliewen, ze deelen.

Verschiddener vun eis si vun der Police judiciaire verhéiert ginn a mir kruten dës 2 Punkten als Grond vun der Enquête genannt : d'Méiglechkeet vun enger Vergewaltegung an d'Verletzung vun de Sitten.

An der éischter Pressematdeelung vun der Staatsanwaltschaft stoung : Grund für die Ermittlungen ist der Verdacht auf sexuell motiviertes Fehlverhalten im Rahmen der Aktivitäten einer Theatergruppe, die dem Lycée Hubert Clément in Esch-sur-Alzette angegliedert ist.

1. „ im Rahmen der Aktivitäten einer Theatergruppe " Traditionell sinn eis Opféierunge freides a samschdes am Festsall vum LHCE an no der leschter Opféierung kréie mir d'Erlabnis fir nom ville Stress eng Party z'organiséieren. Do gëtt gefeiert, gedanzt, gesongen, ... Iwwregens, verbidden eis Betreier eis de Konsum vun Alkohol wärend der ganzer Party !

2. „ Verdacht auf sexuell motiviertes Fehlverhalten" : Bei eiser Schlussparty maache säit Joren e puer Jongen e „topescht" Spill : e Genre Rittersketch mat Speerer a Bengelen. Zu engem gewëssen Zäitpunkt gëtt virgetäuscht dat e Jong ee Bengel an den Hënner kritt. Wichteg ze wëssen ass, dass déi Jongen all ugedoe bleiwen a genau wësse wat si maachen, eng Verletzung vun de Sitten gëtt et also net. Et handelt sech och net ëm e „Bisutage" – jidderee, dee matmécht, mécht dat op fräiwëlleger Basis an kee gëtt gezwongen. D'Membere vum Namasté kréie bei dem Sketch am Viraus gesot wat geschitt an däerfen dann nokucken oder net. En Deel vun eis, fanne, dat Spill blöd a ginn aus dem Festsall eraus.

Elo ass et esou, dass e Mannerjäregen dat net wollt kucken an och aus dem Festsall eraus gaangen ass, mee awer doheem gezielt huet, dass d'Jongen „ e Bengel an den Aarsch gestach kruten", wat ouni Kontext wéi eng Vergewaltegung kléngt. Doropshin hunn d'Elteren d'Direktioun vum LHCE kontaktéiert. Juristesch gesinn an op Grond vum Jugendschutzgesetz muss den Direkter sou eppes direkt un de Parquet weiderginn, wat hien am Oktober och gemaach huet. Hien huet leider net dierfen am Viraus déi Responsabel vun der Theatertrupp uschwätzen, soss wéi déi Affär a 5 Minutte gekläert.

Et ginn, Gott sei Dank, Video- a Bildmaterial vun der „Bängelaktioun", déi mir och der Police gewisen hunn. Si hunn eis verséchert, dass mir am Prinzip net méi géife geruff ginn. An eisen Aen ass d'Enquête also fäerdeg, elo läit d'Decisioun bei der Justiz – leider kann dëse Prozess nach laang daueren.

Zënter dem provisoreschen Zoumaache vun der Theatergrupp si vill Schüler vun hirer séilescher Famill getrennt ginn. Et ass schued, datt méi héich Instanzen, déi net wëssen, wat wierklech geschitt ass, esou vill iwwert d'Schicksal vum Namasté ze entscheeden hunn.

Nieft der Enquête gesi mir eis och an eiser Meenungsfräiheet ageschränkt. E Schüler wollt en Artikel an der Schülerzeitung iwwer d'Gefiller vun den Theatermemberen zu dëser Affär schreiwen. Wéi de Schüler dem Direkter seng Erlabnis froe gaangen ass, huet den Direkter

ofgeroden, den Artikel ze publizéieren, aus Angscht, dass d'Press d'Wierder kéint verdréien. De responsabele Proff vun der Schülerzeitung huet den Schüler dunn iwwerzeegt, den Artikel net ze schreiwen. Formell gouf näischt verbueden, awer mir stelle fest, dass eis Meenung net voll respektéiert gëtt.

Mir bedaueren dass des Affär e ganz schlecht Liicht op eis Theater-Famill werft. Mir hoffen, dass dëst sou séier wéi méiglech gekläert gëtt, fir dass mir eis erëm op dat konzentréiere kënnen, wat mir gären hunn : Theater maachen.

Eng Partie Schüler aus der Namasté Theatertrupp vum LHCE